# Diractors 2008

Sylvie Flammang

Zéng Mol war zu Lëtzebuerg de „Cinenygma International Film Festival", e Festival vum film fantastique, dee vum Lëtzebuerger Filmfong ënnerstëtzt a mat onermiddlechem Engagement vun enger Equipe Bénévole ronderëm den Direkter Romain Roll am Utopolis funktionnéiert huet.

2006 wor déi zéngt a lescht Editioun vu Cinenygma an am Kulturjoer 2007 hunn de Staat an d'Stad Lëtzebuerg en neie Film Festival mat aneren Ziler gegrënnt: den „Diractors Cut". Dëst Joer wor déi 2. Editioun ënnert deem neien Numm „Diractors International Film Festival Luxembourg-City".

Den Diractors sollt eng méi breet gefächert Programmatioun erlaben, fir méi e breede Publikum unzezéien. D'Iddi, Acteuren anzelueden, dei Director-Réalisateur gi sinn, ass originell a bitt e grousse Choix vu potentiellen Invitéen, déi an de verschiddene Filmgenre schaffen. Schonn an der Stommfilmzäit hu sech Acteure wéi de Max Linder – deem dëst Joer zwee Ciné-Concerten an der Cinémathèque dediéiert woren – hannert d'Kamera gestallt.

Den „Diractors International Film Festival" huet mat groussem politesche Wëllen, deen esouwuel d'Staatssekretärin fir Kultur Octavie Modert wéi déi heiteg Kulturschöffin vun der Stad Lëtzebuerg Lydie Polfer ënnersträichen an engem Budget vun enger Millioun Euro, ganz aner Méiglechkeete wéi säi Virgänger Cinénygma. Deemno huet d'asbl Festival de Cinéma – Ville de Luxembourg mat senger Presidentin Colette Flesch dann och Leit vum Fach vu Paräis delegéiert, sech ëm den artistesche Volet matzekëmmeren an hir Relatioune spillen ze loossen, fir e puer grouss Nimm op de Filmfestival, dee sech eréischt en Numm muss maachen, ze kréien. Têtes d'affiches wéi Ed Harris oder Jeremy Irons goufen invitéiert, komme konnte se net. D'Stare vun der Diractors-Editioun 2008 koumen aus dem Heemechtsland vun den offiziell Delegéierten: d'Sandrine Bonnaire an d'Emmanuelle Béart. Während déi sympathesch Actrice a Realisatrice Sandrine Bonnaire fir eng héichinterressant a gutt besichte carte blanche zesumme mat hiren Invitéen Marion Laine a Safy Nebbou no der Projectioun vun hirem pakenden Documentaire iwwert hir autistesch Schwester mam Titel *Elle s'appelle Sabine* gesuergt huet, wor d'Emmanuelle Béart eng Enttäuschung esouwuel fir d'Fotografen an d'Journalisten, wéi fir de Publikum, well se hir ugekënnegt Optrëtter net agehalen huet.

E puer weider wäertvoll Decouvertë waren op dësem Festival ze maachen: dozou zielen de franséischen Diractor Martin Povost mat senger Biografie iwwert d'Molerin Sérafine de Senlis, oder d'Amerikanerin Amy Redford mat hirem Debutfilm, der gelongener Comédie dramatique *The Guitar.*

Eng Innovatioun war d'Satelliteniwwerdroung vum uschléissende live Gespréich mam Amy Redford vun New York, eng Erfahrung déi hoffentlech Schoul mécht, net nëmmen am Kader vun engem Festival. Positiv opgefall am Choix vun de Filmer ass dee groussen Undeel vu Fraen hannert der Kamera an deemno och eng grouss Sensibilitéit am Traitement vun de gewielte Sujeten.

Wat awer sinn d'Ziler vun esou engem neie Filmfestival zu Lëtzebuerg? Der Presidentin Colette Flesch no, méi e grousse Publikum unzezéien, méi Filmschaffend zesummen ze bréngen a méi fir d'Filmeducation an de Schoulen ze maachen. Wéi d'Filmschaffend zesumme komm sinn a wéi vill Impakt de Festival op de Schoulkanner hir Filmeducatioun huet, kënne mer nach net wëssen. Feststelle kënne mer momentan, datt dëst Joer nach ze vill parallel Evenementer am Utopia, Utopolis an der Cinémathèque verstreet woren, datt néierens Festivalstëmmung geherrscht huet, an datt verschidde Rendezvouse wéi z.B. dee mam Robin Renucci komplett an der Programmatioun ënnergaangen sinn a grad emol véier Leit de Wee a säi Film mat uschléissender Diskussioun mam Publikum fonnt haten.

**Feststelle kënne mer momentan, datt dëst Joer nach ze vill parallel Evenementer am Utopia, Utopolis an der Cinémathèque verstreet woren, datt néierens Festivalstëmmung geherrscht huet […].**

Och net glécklech schéngt de Choix vum Festival Ouverturesfilm *Märzmelodie,* enger comédie musicale vum Martin Walz, well se schonn op DVD eraus ass.

*D'Sylvie Flammang ass Kulturredaktrice beim radio 100,7. Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*

Déi 2. Editioun vum „Diractors International Film Festival Luxembourg-City“ huet fir e puer beräichernd Momenter a Begéignunge gesuergt. Fir datt de Festival net zum Insider Event gëtt, muss en awer iwwerduecht ginn.

Wa Lëtzebuerg no Cinenygma International Film Festival en neie Filmfestival wëllt a brauch, dann e Festival mat internationalen an zu Lëtzebuerg inedite Filmer, fir dee Publikum, deen een an engem klenge villsproochege Land wéi Lëtzebuerg kann uspriechen an unzéien.

An do brauch een en anert Konzept wéi zu Paräis.

radio 100,7

*Kulturchronik vum 21.10.2008*